ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Fro vun der Impfung géint de COVID-19 erzeegt nach ëmmer vill Kontroversen an der Lëtzebuerger Gesellschaft. Vill Leit leenen d'Injektioun vun engem Impfstoff, dee just iwwert eng Noutfallzouloossung verfüügt an op der nach relativ onerfuerschter MRNA-Technologie berout, fir sech kategoresch of. Et ginn awer Grenzfäll, an deenen de fräie Choix vun de Leit ageschränkt gëtt, notamment am Fall vun enger Blutttransfusioun.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi eng Donnéeën iwwert d'Impfung géint de COVID-19 am Kader vum Bluttspenden erhuewe ginn?
2) Iwwert wéi eng formell Widdersprochsméiglechkeete verfüge Leit, déi am Eeschtfall de Risiko vun der Opnam vun MRNA-Impstoffer iwwert eng Blutttransfusioun ofleenen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten